Th.G.Verlag
Esch S/Henri

1953 Nr.9

Knuppen Trin am Anstandskurs.

Eng Poss fir 2 Dammen arr.v.M.R.

Perso'nen:
Edolin:Eng jong Damm,mat feine Mane'eren,kann och e ..se'neg komesc.. sin. Anstandsle'erin.
Trin:e Baueremédchen,urwechseg,derb Figur,mat starker Beto'nong vun sengen onkultive'erte Mane'eren.Ass schon durch d'Klé-dong gezéchent, mat Kappduch.- Szénerie:einfacht Zömmer.

Edolin(sengt,wann de Vorhang he'ch ass):1.Optröttslidd.

Et get der wuel munech,de' bilden sech an,
Et bräicht én am Liéwen blo's protzeg ze ma'n!
Dach wién sech durge'gen ste'ts taktvoll behöllt
Erréсht och zum duksten dât 'wat hié grad wöllt.
/:/ Mat gudde Mane'ren,mat Anstand a Schlöff
Do kritt é vum Liéwen dé richt'g Begröff./:/

(Prosa):Wann nömme jidderén et wöllt agesin,datt eist Zesum-meliéwen me' sche'n ge'f,wa me' Anstand an Takt ze fanne wir. Aus dém Grond hun ech hei a mengem Haus Anstandskouren orga-nise'ert.Ech wöll all dénen de' et wönschen,an ne'deg hun, d'Grondregelen vum Ansatand an de Gesellschaftsformen beibren-gen.Well de' hauteg Welt huet jo Mane'eren, - Mane'eren soen ech iéch - datt d'Hohr engem zu Biérg stin.(Mat Pose)Ech, Edolin Zemperlech,mâchen aus all Lömmel an Dommkapp dé feins-te Gentlemen! - Hoffentlech get meng Kondschâft da me' gro'ss.

Trin(könnt eran,sengt): 2.Optröttslidd:

Et soe jo d'Leit all,ech wir vill ze grob,
Dât deckt Knuppen Trin jo,vum Fo'ss bis zur Kopp!
Ech hun neischt gele'ert,sin dus'lech gebur,
Wann ech och net do wir,'t wir gur neischt verlur!
/:/Jo,kre'n ech net endlech dén ne'dege Schlöff,
Da fehlt mir vum Liéwen dé richt'ge Begröff!/:/

(Prosa:)Also, dât hei ass d'Akademie fir Anstand a Bildong.
Dajé,dann eitlemmênenn d'Vergnügen..(stellt sei Kurf an den Eck,behält d'Kappduch awer un)
Edolin(huet de Besuch mat gemöschte Géfiller betruecht):Bonjour. ech sin d'Directrice vum Institut fir Anstand a Bildong.
Trin:Eso'ooo'! Sit dir d' Joffer Zemperlech.Ach nén,sit dir awer schik!(kuckt d'Edolin komesch)
Edolin(irgerlech):An, mat wiém hun ech d'Eer?
Trin:Eng besonnesch E'er wèrdt iéch meng Bekanntschâft wuel net mâchen. Ech sin Knuppen Trin!
Edolin(ganz verwonnert):Knup-pen Trinn? Wât en Numm!
Trin:Ech wöll jo zo'gin,datt mein Numm net de' bèscht Empfiélong ass. Ech hu mech nach ömmer bei menger Mamm doriwer geîrgert.
Edolin:Den Numm ass jo Niéwesâch. Wât fe'ert iéch bei mech?
Trin:Den Tram Nr.5. Dât ass de' bescht Verbindong. - Dât war emol sche'n!!
Edolin:A wât fir enger Sâch kommt dir dann?
Trin:Ech sin heihin gescheckt gin, -- an elo wollt ech...
Edolin:... englech le'eren?
Trin:Nén, dât net. Ech schwätze jo eso' schon 2 verschidde Spro-chen.
Edolin(röselt ongléweg de Kapp):Dir? Dir wöllt 2 Sprôche beherr-schen?
Trin:Awer secher.Ech schwätzen 1. eso' we' de Schniéwel mir ge-wues ass, an 2. kann ech och op Verlângen durch d'Nues schwätzen.
Edolin(ironesch):Dann huet dir natirlech net ne'deg nach eng 3. Sprôch ze le'eren.
Trinn:De' sche'nst Sprôch ass de' we' de Schniéwel gewues ass. - a bei mir ass en zimlech rîcht eweg gewuess.(komesch vertrauöe.. Dir gléwt gur net we' ech schnabbele kann...
Edolin:Ja,wat wöllt dir dann nun eigentlech?
Trin:Ech ge'f mir gèr,we' én eso' sét, e bösschen gesellschaft-lechen Oemgang unégnen.De gudden To'n an alle Liéwenslagen. Ech si vu Beruf Médchen fir alles an hu vill Bekanntschaft

mat Henger,Gédsen,Honn.Kätzen,Ke'h,Ochsen an âneren Hausde'er.- Awer den Oemgank mat Mönschen - do ass et schlecht bestallt.
Edolin:Dèr Iwerzégong sin ech och,'t kann iéch bestömmt neischt schueden wann dir e Kurs matmâcht.
Trin:Wât soll ech mat mâchen? E Kuss? - Nén, dât mâchen ech net!
Edolin:Onsönn! E Kursus hèscht dât op Guttdeitsch!
Trin:Aha!, a eso'! An dât kascht? - Dir könnt dach och net vun der Loft liéwen.De' géschteg Arbechter sin dach och Leit.
Edolin:Amuse'ert):Dir huet nawell e bemirkenswert sozialt Verständnes fir eis Leg.All Respekt! Also,mein Honorar ass ganz bescheiden.Pro Stonn 25 Frs.- Awer sötzt iéch dach,wann iéch gelifft.
Trin:Merci! Ech sötzte jo ömmer eso' gär.(sötzt sech ömständlech) Geschter Owend hun ech 2 Stönne gesiéss, -op der Bänk,bei mengem Te'd!
Edolin(erstaunt):Wât huet dir?
Trin:Eso' elong,zo' zwé,op der Bänk gesiés bei mengem Te'd.(komesch werle'ft): O dât war sche'n!
Edolin(betraff):We'? Huet dir schon e Freier?
Trin(verle'ft):Nén, ké Freier! Den Te'd ass mei Frönd! -O dé kann eso' sche'n schwätzen - Hihihi! Dé sét ömmer Schnucki zu mir, (lâcht komesch):Jo,Schnucki sét hién ömmer zu mir!Hihihi!
Edolin(erstaunt):Mä dir schengt mir nawell e ganz gediegene Schnucki ze sin.Eso' e Schnucki,dén et fauschtdeck hannert den O'eren huet.(dréht am Lâchen)
Trin(mat Positur)O, ech sin net eso' domm we' ech ausgesin!Meng Mamm huet mech nömmen eng Ke'er als Kand ze warm gebuedt,an ech war och eng Ke'er aus der We' geraollt. Soss wir ech nach vill schläuererer!
Elddlin:'t get awer och he'ch Zeit datt èr Schlauhét opgeröselt get. - An dât kann hei a mengem Institut fir Anstand a Bildong gesche'hen.
Trin:Mä dât ass jo gard wât ech sichen.Ech ge'f mech gär an alle Bildongen ausbülden.D'Ke'h an d'Ochsen sollen sech wonneren,wann ech als gebülten Damm an de Ko'hstall kommen.Wann ech da streiche gin,da mâchen ech mir extra Parfüm op d'Blouse - dât richen d' Ochsen eso' gär.
Edolin:Nujé,mat dem Parfüm presse'ert et net eso'.D'Hâptsâch ass,datt dir ere Géscht e we'neg parfume'ert.Ah dât ass bestömmt bei Iéch net eso' einfach.
Trin:Keng Surg,Joffer Büldongsdireckter,wât d'Trin émol he'ert,dât sötzt hei(tippt op d'Stir)Ech hu fir all géschteg Urégong Verständnes.- Ech kann alles gut behâlen.
Edolin:Eso'?- Watt könnt dir dann z.B. alles gutt behâlen?
Trin:Also,z.B.,wés ech nach ganz gené,datt mein Te'd mech de' lèscht Woch 21 Mol geküsst huet.Méndes 3 mol,Denschdes 4 Mol,Möttwochs....
Edolin(önerbrecht entsât):Hält op,hält op,fir eso' e Wössen bedänken ech mech villmôls.
Trin:jé,jé, mâcht iéch dach net eso'!Eng Bés ass eso' no'twendeg zum Liéwen,we' d'Salz an der Zopp.
Edolin(erstaunt):Eso'? A wién huet iéch dann de' Weishét gele'ert?
Trin:Ma mein Te'd! O dé Jong ass schlau, Dé wés Beschéd!Hihihi!
Edolin:Awer elo Schluss mat ère Privatsachen.Mir mussen emol ma'm Unterrecht ufänken.Wöllt dir vleicht d'Honorar viraus bezuelen?
Trin(Wann iéch gelifft!(zeçht aus dem Kirfchen e Geldschein aneng Wurscht):Hei huet dir am Viraus d'Honorar 2o frs a boar an eng Wurscht vun 3o frs.dât mecht zesummen 5o frs. - 2 Stonne sin also bezuelt.(lét d'Sâchen op den Dösch)
Edolin:erstaunt)Dir huet jo allerhand Geschäftstalent.An de' Zosiss berechent dir mat 3o Frs.?
Trin:O jo,de' ass eso' vill wert.De' hun ech vir 3 Me'nt vu mengem Te'd als Namensdâgsgeschenk kritt.(Edolin lâcht)Dât hun ech eso' rührend fondt,datt ech d'Zossis gur net iésse konnt.All Dâg hun ech missen drurichen an sie bekucken,aus Le'ft zum Te'd. - An elo ass sie ganz dréche gin - Durfir sollt dir dât deiert Undenlen elo hun fir 3o frs.(grinzt)
Edolin(lâcht nach ömmer):Dir sit eng richter Pèrel,de' é bewönnere muss.Nu sôt mir emol,wât fir eng Scho'l huet dir besicht?
Trin:Oh, eng ganz he'ch! - Ech mengen sie hât 4 Stäck!
Edolin:Wart dir och eng gutt Schülerin?
Trin:Awer secher.Ech war gleich vun Ufank un ganz unhönglech u meng e'scht Le'erin.
Edolin:War de' eso' nett zò' iéch?

Trin:O jo,mir konnten eis gur net trennen.De' âner sin all versât gin,awer ech sin 7 Johr lang bei hir bliwen.Oemmer an der selwegter Klass..

Edolin(lâcht): Huet dir iéch dann och gutt gescheckt?

Trin:Dât kann ech net eso' behâpten.Ech hun zo' den Ausrösser gehe'ert.Ech hât och ömmer eso' eng ro'ss Le'ft zo' den Aeppelbém. - Hun och gro'ss kläppereien organise'ert.Dem Polizeikommissar hât ech eng Ke' r eng faul Kornischong op d'Nuess geheit.

Edolin(amuse'ert)Nu jé, d'Jugend huet geng Dugend,dir hätt solle gudder hannbei kre'en.

Trin:De' huet et och gin - an net ze knaps.- Awer wösst der d'Trin hât ömmer en decke Pelz.

Edolin:Huet dir dann och iregen eng Fach-oder Fortbildongsscho'l besicht?

Trin:Fortbildongsscho'l? - Dât ass dach bestömmt eso' eng Scho'l wo' d'Bildong eröm fortléft?

Edolin:Ech werdt iéch de' fortgelâfen Bildong schon erem no an no beibrengen. - Fir 't e'scht ass et emel eng Selbstverständlechkét,datt én an engem gechlossene Raum d'Kappduch ôfdét.

Trin:Wöllt dir vleicht eso' gutt sin an den Arm ausstrecken?

Edolin(hiéwt den Arm):A fir wât?

Trin:Mä da sit dir e sche'nen Garderobestänner!(lâcht hart)

Edolin:eE fürchtbar gediegent Médchen! Eso' Mane'eren hun ech am mengem Liéwenn nach net bege'nt.

Trin:An ech si gespannt,watt aus mir fir eng fein Damm get.(sötzt sech hannercks op de Stull,dé Kapp an d'Hänn gesteipt,d'Iélebe' flegelhaft op d'Sto'llén gesteipt)

Edolin(korige'ert):Eso'oooo¼! sötz e gebildte Mönsch sech iwerhâpt net hin. - Also, wann iéch gelifft!

Trin(sötzt sech richteg op de Stull,awer streckt d'Bén ganz weit vun sech,schle't d'Aerm iwert énén,eso' datt et erem e komescht Bild get):Eso'!?

Edolin:Sötzt iéch dach vernönfteg elohin! - An d'Aerm net eso' liddereg geluegt.

Trin(mecht we' gesôt): An elo, viru ma'm Jabel!

Edolin:Mîrkt iéch vir allen Dengen,eng Damm soll Anstand,Takt a Sitten hun.Sie soll de Männer ge'geniwer,op eng virbildlech Art a Weis,hir Qualite'ten ganz diskret weisen.

Trin:Mein Te'd dé mîrkt dann awer neischt,wann ech him meng Le'ft diskret weisen.

Edolin:Dât beweist seng mangelhaft Bildong. Joffer Trinn,wösst dir iwerhâpt wat ~~Bildongxxxxx~~ e Mönsch an e'schter Linien muss hun wann hién am Liéwe wöllt virukommen?

Trin:Wann én am Liéwe wöllt viru kommen - dann - dann - da muss én e Velo hun.(lâcht domm)

Edolin:Awer Joffer Trin! Bildong muss én hun! - Wât ass Bildong iwerhâpt?

Trin:Bildong ass - ass - wann engem am Summer d'Bîr heiuewen(weist op d'Stîr) net afre'ert!

Edolin(entsât): Bei iéch ass schon alles agefruer. - Passt emol op: Bildong ass d'Hiéf vun eiser Existenz, -d'Korinten an eisem Liéwenskuch -de Stèr aus dem Morgenland - d'Ro'sen aus dem Süden. Nu sôt dât emol no!

Trin(komesch,stockend):Bildong ass - ass- wan d'Hiéf aus~~s~~ dem Süden könnt,- d'Korinten aus dem Morgenland - an d'Ro's aus dem Kranzkuch.

Edolin(lâcht hart): Fèrdeg! Schluss! Dir liéwege Kranzkuch! Bildong ass Wössen! - Wössen ass Muecht! -Muecht ass alles! Gro'ss Männer mat Wössen a Muecht waren:Napolen,Schiller,Columbus!. Wât wösst dir vun déne Männer?

Trin(lâcht domm,stockt):Napoleon war den Entdecker vun Amerika! Columbus huet dât e'scht Ee gekneckt, an de Schiller huet fir d'escht dât sche'nt Lidd gesongen:Ich hab mein Herz in Heidelberg verloren.Hihihi!

Edolin:Allmächtegen,ass èr Bîr(weist op d'Stîr)awer matscheg.Gro'ss Mönschen mat Muecht a Wössen huet et allzeit gin.Wâtwösst dir z.B. vun den âle Re'mer?

Trin:De'-de'-de' âl Re'mer ware vu Ro'm - sie sin daks zu Ro'm spaze'eren gângen. We' de' jong Re'mer âl gi sin,dù waren et de' âl Re'mer. E sche'nen Dâg sin de' âl Re'mer frech gin,démols ass dât sche'nt Lidd opkom:(sengt am komech falscher Stömm): "Als die Römer frech geworden,simserim,serim,sim,sim!

Edolin:Hâlt op. Em Gottes Wöllen,halt nömmen op.Dir huet dach bei mir Bildongsstonn a keng Gesangstonn.
Trin:Ja, wösst dir, dât Lidd ass zevill sche'n.We' d'Preisen nach hei waren hu mir et ömmer önner dem Chröschtbémchen gesongen.
Edolin:Fir eso' Chröschtlidder bedanken ech mech.Bei iéch ass awer net 1% vun dém so'genannten gudden To'n festzestellen. Wât ass iwerhâpt de gudden To'n?
Trin:De gudden To'n - dât ass ömmer de Ge'gentél vum schlechten To'n!
Edolin:Dât stömmt.An dir,mat èrer präme'erter Dommhét sid grad de Ge'gentél vun der Gescheithét.Mierkt iéch dât elei:De gudden To'n ass d'Visitekart vum Mönsch,d'Sonn vum Karakter,den Er-wecker vun der Dugend,den Nimbus vun der Frâ!Eso',sôt dât no!.
Trin:Donnerlättchen! - Dât ass awer allerhand!- Also,de gudden To'n ass - d'Visitekart vun der Sonn - de Wecker vun der Frâ - an - an - den Omnibus vun der Jugend!
Edolin:Halt,halt! Meng Nerven explode'eren!
Trin:Kann ech mir denken!ass opgestânen)Ech si schrecklech hongereg, mir hâle fir haut op.
Edolin:Averstanen!-Awer fir de' nächst Stonn musst dir me' géschtege Schwong matbrengen!
Trin:Dât muss ech mir emol mat mengem Te'd iwerléen.Elo sin ech ze hongereg!(hölt hémlech d'Zossis erem,beisst drân)
Edolin:(erschreckt):Awer,Joffer Trinn,- lét se'er de' Zossis erem eweg.- Mir wöllen zum Schluss nach maténén e pur le'erreich an humorvoll Rôtschle' zum Bèschte gin, iwer de gudden To'n an alle Liéwenslagen.

Schlussgesank(zesummem)all Ke'er wann d'Edolin sengt,mecht d'Trin de Geste fir d'Wurscht ze huelen,oder dranze-beissen)

Edoline: 1.

| | |
|---|---|
| | DeMönsch dé soll edel sin,mötschgiéweg gutt! |
| Zesummen: | Widewidewittchen bum,bum! |
| Trin: | A wién net pare'ert,kritt eng op den Hutt! |
| Zesummen: | Widwidewittchen bum,bum! |
| | 2. |
| Edolin: | Wann zwé sech mol streiden,da mösch dech net drân! |
| Trin: | Soss bass du zum Schluss dé gebrigelte Mann! |
| | 3. |
| Edolin: | Hâl Möss och am drenken,vu Likör a Schnapps! |
| Trin: | Gef(der)Kâtz och deng Dél net,wanns du net berapps! |
| | 4. |
| Edolin: | Könnt(e)Frönd mol an No't,an 't geseit én et gutt, |
| Trin: | Gef gleich him 2 Sou,well dât get him rem Mutt! |
| | 5. |
| Edolin: | Trött én dech emol aus Versinn op deng Fo'ss! |
| Trin: | Dann denken ech he'flech,'t war mir e Genoss! |
| | 6. |
| Edolin: | Dir Männer behandelt èr Frâ mat Respeckt! |
| Trin: | Wann hei ans do och mo der Deibel dra steckt! |
| | 7. |
| Edolin: | Ass aus den Theater,da get én Aplaus! |
| Trin: | Dir musst zwar net klätschen,mä 't geseit besser aus! |

(Nom Refrain beist d'Trin nach eng Ke'er an d'Zossis, iderdém fällt) de Vorhang.

13.8.1953
HR

Preis: 1 Roll= 4 Frs
2 Rollen mat émol Opfe'erongsrecht= 25 frs.
(Musek derzo ass bei eis ze lehnen)

Ofschreiwen a Weiderverle'hnen ass verbueden!!!